PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

N°1097
Entrée le 08.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 08.08.2024

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 08/08/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

D'Lëtzebuerger Police huet nei Autoe kaf. Dofir gouf bis den 28te Mee 2024 eng ëffentlech Ausschreiwung gemaach (Acquisition des véhicules spéciaux pour les besoins de la Police grand-ducale, Référence 2400812). Wéi een op de soziale Medie gewuer gëtt, krut d'Lëtzebuerger Police hir Autoe vun der Firma Losch geliwwert.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Handelt et sech bei der Liwwerung vu Losch ëm déi ëffentlech Ausschreiwung mat der Référence 2400812?
2. Wéi vill Policeautoe goufen insgesamt kaf?
3. Wéi vill vun dësen Autoe sinn elektresch ugedriwwen, opgelëscht tëschent 100%-Elektro a Plug-in-Hybrid?
4. Wéi vill Sue goufe fir d'Autoen investéiert?
5. Wéi vill Firmen hu bei der ëffentlecher Ausschreiwung matgemaach?
6. War d'Offer vu Losch déi bëllegsten Offer? Falls nee, wéi vill Offere ware méi bëlleg a firwat goufen dës net zeréckbehalen?
7. Goufen an der Ausschreiwung Konditiounen opgesat, dass d'Gefierer mat Assistenzsystemer mussen equipéiert sinn oder speziell Komfort-Equipementer kréien?
   Falls jo, wéi eng Konditioune waren dat?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten